N°1992
Entrée le 01.04.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Justizministesch, Elisabeth MARGUE, op d'parlamentaresch Fro N°1992 vum 28. Februar 2025 vum honorabelen Deputéierte Marc GOERGEN**

**Ad 1**

De Familljeriichter ordonéiert eng Expertise just wann op mannst een Elterendeel mat enger Expertise averstanen ass. Falls een Elterendeel mengt, dass d'Expertise net richteg ass, da kann e Beleeger virbréngen, fir dëst ze beweisen. D'Familljeriichter sinn oppe fir all Typ vu Beweiser opzehuelen an an der Audienz mat de Parteien ze diskutéieren. D'Expertise gëtt an der Meenungsbildung vum Familljeriichter natierlech consideréiert, mee et ass net dat eenzegt Element, wat bei der Entscheedung vum Familljeriichter mat afléisst. Vum Familljeriichter ginn och d'Aussoe vun de Parteien, d'Aussoe vun de Kanner, de Rapport vum Kanneraffekot an d'Enquête sociale mat a Betruecht gezunn.

**Ad 2**

D'Resultat vun enger Expertise gëtt vum Familljeriichter kontradiktoresch mat de Parteien an der Audienz diskutéiert.

Wann d'Resultat vun der Expertise an déi selwecht Richtung geet ewéi déi aner Elementer vum Dossier, da kann een dovunner ausgoen, dass den Expert net falsch läit. Wann d'Resultat vun der Expertise an eng ganz aner Richtung geet wéi all déi aner Elementer, déi dem Familljeriichter virleien, da gëtt dëst natierlech an der Audienz thematiséiert.

Et sief nach eng Kéier betount, dass d'Expertise net dat eenzegt Element ass, dat de Familljeriichter fir seng Entscheedung a Betruecht hëlt.

**Ad 3**

Den Objet vun enger Expertise am Familljerecht ass et, dem Familljeriichter Erklärungen ze liwweren, firwat eng Situatioun tëscht de Familljemembere verfuer ass, a Recommandatiounen ze formuléieren, wéi een dës Situatioun am Interessi vun de Kanner an de Parteien ugoe soll.

Wann de Familljeriichter opgrond vun deenen aneren Elementer an der Affär zur Conclusioun kënnt, dass d'Expertise net richteg läit, da consideréiert hien dëst a senger Urtdeelsentscheedung.

Am Prinzip kënnen och Géigenexpertise vum Familljeriichter ordonéiert ginn, mä an der Praxis huet de Familljeriichter an der Reegel schonns genuch Elementer am Dossier, fir zu enger adequater Entscheedung ze kommen.

**Ad 4**

An de Joren 2019-2023 sinn insgesamt 167 Expertisen duerch de Familljeriichter ordonéiert ginn :

| | **2019** | **2020** | **2021** | **2022** | **2023** |
|---|---|---|---|---|---|
| **Juge aux affaires familiales près du Tribunal d'arrondissement de et à Luxembourg** | 5 | 23 | 37 | 27 | 38 |
| **Juge aux affaires familiales près du Tribunal d'arrondissement de et à Diekirch** | 3 | 2 | 10 | 11 | 11 |

**Ad 5**

D'Unzuel un Expertise pro Geriichtsaffär ginn aktuell just am Strofrecht statistesch erhuewen.

Lëtzebuerg, den 1. Abrëll 2025.

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue